



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 29 juin 2020

Le Ministre du Tourisme
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 2307 du 27 mai 2020 de Monsieur le
Député Jeff Engelen

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question
parlementaire sous rubrique.

Le Ministre des Classes moyennes,



Lex Delles

Gemeinsam Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand a vum Här Franz Fayot, Minister fir Wirtschaft op déi parlamentaresch Fro n°2307 vum 27. Mee 2020 vum éierbaren Deputéierte Jeff Engelen

Fir op d'Fro vum honorabelen Deputéierten ze äntweren, kann een op en Rechebeispill verweisen : wann ee Betrib ee Joresëmsaz vu manner wéi 15.000 € mécht, sou entsprécht dat engem Ëmsaz vu manner wéi 1.250 € de Mount. Bei enger theoretescher Marge vu 50 % géif dat engem Benefice vun ënnert 625 € de Mount gläichkommen. Wann elo ee Betrib mat dësem monatlechen Ëmsaz déi 5.000 € respektiv 2 mol 5.000€ staatlech Hëllef géif kréien, sou géif dës Hëllef a kenger Relatioun mam Normalverdéngscht vum Betrib stoen.

Am Fall wou ee Betrib réischt zanter kuerzem besteet, kann den Ëmsaz awer op ee ganz Joer héichgerechent ginn. Dëst, fir et de jonke Betriber ausdrécklech ze erméiglechen, der Ufuerderung vun engem Joresëmsaz vu 15.000 € gerecht ze ginn.

Wann de Critère vum Mindestëmsaz trotzdeem net erfëllt ka ginn, sou besteet nach ëmmer d'Méiglechkeet fir den Indépendant vun zwou staatlechen Hëllef ze profitéieren, déi speziell fir d'Indépendante sinn. Déi éischt Aide ass an Héicht vun 2.500 € an déi zweet Indépendants-Aide läit bei engem Montant tëschent 3.000 a 4.000 € ofhängeg vum Verdéngscht vum Indépendant. D'Viraussetzung ass, dass den Indépendant en tant que tel beim Centre Commun de la Sécurité Sociale affiliéiert ass an net méi ewéi 2,5 mol de Mindestloun verdéngt.